Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25/10/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.**

Den Gemengeconseiller François Benoy huet op Twitter e Video gepost, op dem eng Foussgängerluucht ze gesinn ass, déi grad mol e puer Sekonne fir Foussgänger gréng ass. Am Video gesäit een och, dass eng fit Persoun grad esou iwwert d'Strooss kënnt, äert d'Luucht nees rout gëtt.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Ginn et fest Krittären, wéi laang eng Foussgängerluucht fir Foussgänger muss gréng sinn, zum Beispill baséierend op der Breet vun der Strooss? Wann jo, wéi eng sinn dat? Wann nee, firwat net?

2. Falls d'Äntwert op d'Fro 1 jo ass, gëtt kontrolléiert, op dës Krittären och tatsächlech agehale ginn? Falls nee, firwat net?

3. Gëtt beim Astelle vun de Foussgängerluuchten dorop opgepasst, ob dës och fir Leit mat enger Behënnerung oder fir eeler Leit, déi net méi esou schnell ze Fouss sinn, ze packen ass?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten